



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vun der Madamm Justizministesch, vun dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend an dem Här Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5912 vum 10. Mäerz 2022 vum honorablen Deputéierte Fernand KARTHEISER iwwert « agressions envers des citoyens russes »

1) Wéi eng Informatiounen huet d'Regierung zu Akte vu Russophobie an eiser Populatioun? Wéi steet d'Regierung zu dëse Virgäng? Gesäit si an dëser ugespaanter Situatioun e besonneschen Handlungsbedarf fir eis russesch Matbierger besser ze protegéieren, zum Beispill ënner Form vun enger Sensibiliséierungscampagne ?

D'Regierung huet Kenntnis vu vereenzelten Akte vu Russophobie zu Lëtzebuerg, déi hir zougedroe goufen, respektiv an der Press zitéiert goufen. Op Basis vun dësen Informatiounen kann d'Regierung allerdéngs net drop schléissen, datt Russophobie e generelle Problem an der Populatioun duerstellt, mee vu ganz wéinege Persounen ausgeet.

All Bierger, deen Affer vun enger Strofdot ass, oder berechtigt Hiweiser huet, dass en et kéint ginn, kann a soll sech dann och un d'Police adresséieren. Dowéinst bitt d'Police op hirer Internetsäit ënnert de Rubriken "Prévention" an "Aide aux victimes" an 3 Sproochen (FR / EN / DE) Preventiounsmoosnamen an Verhalensmesuren un.

D'Regierung verurteelt all Form vun Haass an Diskriminatioun opgrond vun der ethnescher Zougehéieregkeet. De Staatsminister huet de 4. Mäerz op enger Pressekonferenz seng Solidaritéit mat deene ville russesche Bierger ausgedréckt, déi sech a Russland an zu Lëtzebuerg géint de Krich an der Ukrain ausgeschwat hunn. De Staatsminister huet op der nämmelechter Pressekonferenz och en Appell géint Russophobie zu Lëtzebuerg gemaach.

Dem Parquet vu Lëtzebuerg an dem Parquet vun Dikrech ass momentan eng (1) Affär vu «Russophobie » bekannt. An deem Kontext ass et wichteg ze erwänen dat et ëmmer e gewëssen Délai gëtt tëscht dem Moment vun der Plainte an der Kommunikatioun vun der Plainte un de Parquet. Et sief awer och bemierkt dat den informateschen System vun den Justizautoritéiten et net erlaabt fir eng Recherche a Funktioun vun der Nationalitéit ze maachen.

2) U wéi eng zoustänneg Instanze kënnen déi betraffe Bierger sech adresséieren?

De Centre pour l'égalité de traitement (CET) ass eng Ulafstell an dësem Kontext. Bei Strofdoten oder Fäll, wou d'Sécherheet oder d'physisch Intégréitéit vun de Bierger kompromettéiert ass, sollen d'Bierger sech un d'Police adresséieren.

3) Verschiddelech gëtt och rapportéiert, datt russesch Kanner an de Schoule speziell Problemer hunn, déi mat der Krichssituatioun zesammenhänken? Gëtt d'Léierpersonal op de Problem sensibiliséiert?

Fir d'Enseignanten am objektiven Thematiséiere vum Krichsgeschéien an der Ukrain am Allgemengen ze ënnerstëtzen, stellt den *Zentrum fir politesch Bildung* de Schoulen op hirem Internetsite ënnerschiddlech Tools an zousätzlech Informatiounsquellen zur Verfügung, déi während dem Unterricht an enger transversaler Approche kënnen genotzt ginn. Spezifesch fir d'Schüler aus de Grondschoole kënnen d'Enseignantë weidert pedagogesch Material zum Thema Krich an der Ukrain an engem aktuellen Dossier vum "Zentrum Polis" aus Éisträich notzen.

Zousätzlech huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend an Zesummenaarbecht mat Kannerpsychologen een Depliant an dräi Sproochen erstallt, deen d'Elteren doranner soll ënnerstëtzen, de Krich mat hire Kanner doheem ze beschwätzen.

Iwwert déi eenzel Offeren huet de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend sämtlech Partner vun de jeeweilege Schoulcommunitéite via Newsletter de 4. Mäerz 2022 informéiert an heibäi dorop higewisen, datt et a Krisenzäite wichteg ass, fir de Kanner Sécherheet an Orientéierung ze ginn. Des Weidere soll am schoulesche Kontext mat de Kanner iwwer hiert Empfangen, hir Besoinen an hir Ängschte geschwat ginn an d'Enseignanten esou wéi och dat sozio-edukatiivt Personal sollen hinne ganz objektiv Informatiounen zum Krich ginn. Dank der Opklärung an dem Dialog iwwert d'Thema Krich an der Ukrain soll séchergestallt ginn, datt déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwate Situatiounen an de Schoulen net opkommen.

Lëtzebuerg, den 8. Abrëll 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL